PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/05/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun & Gesondheet weiderzeleeden.

Et gehéiert quasi zum Alldag vun den Dokteren hei am Land dozou, dass si wichteg Informatiounen iwwert hir Patiente brauchen, sief dat vu Laboen, aneren Dokteren, asw. . Si sinn op dës Informatiounen an Donnéeën ugewisen, fir en gutt Prise en charge respektiv e gudden Traitement assuréieren ze kënnen. Traditionell goufen dës Informatiounen an Donnéeën ëmmer iwwert de Wee vun engem Fax oder engem Bréif tëscht de verschiddenen Acteuren hin an hir geschéckt. Et ass awer mëttlerweil esou, dass d'Dokteren eng speziell a securiséiert Email hunn, iwwert déi si dës Donnéeën austausche kënnen. Vun verschiddenen Acteuren um Terrain gouf eis awer gesot, dass dës Méiglechkeet deels net bekannt ass respektiv quasi guer net géif benotzt ginn. Gläichzäiteg soll de Fax awer an de nächste Jore verschwannen, well en net méi zäitgeméiss ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Ginn et Statistiken doriwwer, wéi vill Dokteren hei am Land hir securiséiert Email benotzen?
    - Wa jo, wéi hunn d'Notzerzuelen zënter der Aféierung vun den securiséierten E-Mailadressen evoluéiert?
    - Wa nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten